

RIED Etat de la Nation – 26/04/2018

Sécherheetslag

Här Präsident,

Virun 2 Joer, am Kader vun dem Etat de la Nation hat ech gesot:

„Den Etat de la nation ass méi wéi just d’Liewensqualitéit vun eise Bierger. Ee vu ville Kritären, fir d’Liewensqualitéit ze moossen, ass d’Sécherheet, a méi prezis d’Sécherheetsgefill vun de Bierger! “

Dës Feststellung huet de Premier an senger Ried widerholl.

Am Januar 2017 haat mer eng Interpellatioun op Demande vun der CSV. Wat ass an der Zwëschenzäit geschitt?

Déi rezent Statistiquen vun der Police deiten op eng Baisse vun den Delikter de manière générale hin: 4,7 % manner Delikter wéi 2016. Dëst begréissen mir. [Falsch Zifferen

huet de Premier an senger Ried gesot: 2013: nët 43.000 Fäll vu Kriminalitéit, mais laut Policerapport 2017 39.957]. Mais spigelt sech dës positiv Entwécklung och an der Perceptioun vun der Sécherheet bei de Bierger zeréck? Nee.

Firwat ass dat esou? An den leschten Wochen à Méint waren eng Rei Incidents, Iwwerfäll, geféierlech Verfolgungsjuegten, Messerpickereien, Iwwergrëff op Leit an Uniform, sief daat Polizisten, Zuchpersonal, Rettungsdéngschter, also Leit déi probéieren aaneren ze hëllefen, déi ugegraff ginn. D'lescht Woch huet den Justizminister eis och missen iwer Mësstänn am Prisong informéieren.

Wéi den Etienne Schneider an engem RTL Interview viru kuerzem [14.04.2018] bedauert huet, hunn d'Bierger ëmmer manner Skrupel vis-à-vis vun den Autoritéiten.

Fir d'CSV ass et kloer: Verbal an physech Attacken, resp. Menacen op uniforméiert Leit kennt just eng kloer Äntwert: Null Toleranz!

Do ass d'Regierung mat eis op enger Linn. Am Kader vun den Incidents am Prisong hun mer och d'lescht Woch an der Commission doriwer geschwat, wéi et ka sin, datt trotz, wéi et schénkt Kontrollen, Handyen an Drogen kënnen erageschmuggelt gin. Do ass eis gesot gin, datt dat schwiereg ze kontrolléieren wier. Wann déi aktuell Kontrollen net duer gin, da mussen déi verschäerft gin!

Mir hun och d'Problematik ugeschwat, dat, wann da Prisonéier géifen op hiren Handye eraus telefonéieren, datt déi Kommunikatiounen mussen brouilléiert kënne gin. Déi Debatt ass net nei. Et misst een awer op Gronn vun der Evolutioun vun der Technologie dat nach eng Kéier analyséieren, ob et haut net méiglech ass, an ech kann net gleewen, datt et net méiglech ass, sou e System beim Prisong anzebauen, ouni datt dat eng Repercussioun op de Fluchverkéier huet.

Trotz der éischer positiver Bilanz waat d'Statistiquen ugin, déi den Här Minister och ëmmer nees gären an d'Fënster stellt *[notamment dans les réponses à la QP 3709 du 19/03/2018 au sujet des cambriolages et des vols liés aux*

***véhicules*], gëtt et bei villen Leit een subjektivt
Onsécherheetsgefill.**

**Jo, zum Gléck sin z.B. Drogenaffairen ëm 32,6 %
eroofgaangen. Mais z.B. Abréch an Autoen sin ëm 27,4 %
an Luut gaang, Abréch an bewunnten an nët bewunnten
Haiser sin vun 1.892 op 2.024 eropgaang. Vol mat
violences sin mat 417 Infraktiounen praktesch um
selwechten Niveau wéi 2016. Jugendkriminalitéit ass vun
9,1 % (2016) op 9,3 % (2017) eropgaang. Wéi héich ass
Dunkelziffer vun Fäll, wou d'Victime keng Plainte mecht
oder gesot kritt, et huet dach keen Zweck.**

**Laut Policerapport vun 2017, leit den Opklärungstaux vun
den Strofdoten bei 44,6 %. 2016 louch dësen Taux nach bei
47 %.**

**Den Premierminister huet schon deen Constat an sengem
Discours vu 2016 gemaach:**

***„Dat subjektivt Sécherheetsgefill bei de Leit ass awer
net deementspriechend [bezunn op e Réckgang vum
Kriminalitéitstaux] besser gin an dofir ass a bleift et***

wichtig, dass déi zoustänneg Autoritéiten, besser a méi effizient ginn, dass méi Präsenz ka garantéiert ginn, wou dat och gebraucht gëtt“.

Gin Actions de pointe gemaach an engem Beräich, stin natierlech manner Polizisten an aaneren Beräicher zur Verfügung.

Et kann awer net sinn, dass, wann Police op eng Plaaz geruff gëtt wann eppes geschitt ass, zum Beispill vun enger Gemeng, also enger öffentlecher Instanz, dass si dann soen, si kéinten do näischt maachen oder kinnten do net agräifen. Daat ass awer fir eis eng Deelkapitulatioun vun enger vun den Hauptmissiounen vum Staat.

Et ass net nëmmen bei den Leit, wou daat Gefill vun Onsécherheet hänke bleiwt, mais och bei den Policebeamtene selwer oder aner uniforméiert Agent. D'Stëmmung ass net gudd.

An genee dowéinst ass och d'Politik gefuerdert déi néideg Moyen'en zur Verfügung ze stellen, fir den Bierger, mais och sech selwer ze schützen.

Ech wëll elo hei net op d'Reform vun der Police agoen. D'Debatten stinn jo demnächst un.

An dach kommen ech net dolaanscht, nach emol vum Platzverweis ze schwätzen. Eis Positioun ass kloer. Mir hunn daat oft genuch an de Commissiounssätzungen, am an Pressekonferenzen matgedeelt an konkret Proposen op den Dësch geluercht. Mir kruuten méi wéi eng Kéier eng kloer Oofsoo vun der Majoritéit, bis op d'DP, déi eis op deem Punkt ënnerstëtzt, sech awer aus Koalitiounsraison muss kleng haalen. De Platzverweis bleiwt an eisen Aen sécherlech net daat eenzeg, mee trotzdem en noutwennegt Instrument fir d'Polizisten. Daat seet iwwregens d'Policegewerkschaft an och d'Leit um Terrain.

Et ass awer net déi eenzeg Saach, an där mir Ennerstëtzung kréien. Genee wéi eis Fraktioun weisen och aner Kollegen sech dacks nervös wann et rumouert, et géiffen Policekommissariater, zumols a ländlechen Regiounen, zougemaach ginn. Vill Kolleginnen an Kollegen, parteiübergreifend, maachen sech Suergen, well d'Policekommissariater besonnesch am ländlechen Raum

zougemaach gin. Nee, Här Minister, et ass keng Verbesserung!

Proximitéit ass a bleiwt an eisen Aen eng wesentlech Komponent vun der Policearbecht, sief daat um präventiven wéi och um repressiven Niveau! De Premierminister sot an senger Ried, datt déi administrativ a präventiv Aarbecht nët méi noutgedrungen muss vu Leit an Uniform gemaach gin. Bei der administrativer Aarbecht sin mer d'accord mam Premierminister, mais déi präventiv Aarbecht um Terrain kann nët „outgesourct“ gin un privat Sécherheitsfirmaen. Dat ass eng Kapitulation vum Staat virun senger Mission régalienn.

Fir wat net och Teaseren, Waffen mat elektreschem Impuls, testen? Ech hunn, zesummen mam Marc Spautz, de Minister fir bannend Sécherheet gefroot, op d'Regierung gewëllt wär dem Beispill vun eisen däitschen Nooperen vun Tréier nozagoen, déi iwwer 1 Joer den Taser getest huet an e positiven Bilan gezunn huet.

D'DP ass op eiser Linn, well den Claude Lamberty an den Max Hahn haten dem zoustännege Minister och eng Question parlementaire betreffend Teaseren gestallt.

Nëmmen wann ech mech sécher fillen duerch meng Formatioun, duerch mäin Equipement, kann ech deem aaneren seng Sécherheet garantéieren.

Duerch Teaseren kann een aggressiv Persounen neutraliséieren, ouni Blesséierter ze verursaachen. Den Minister Schneider huet zwar ëmmer gesoot hien géif d'Resultater vun der Testphase suivéieren an analyséieren, mee huet awer gläischzäiteg schon zimlech däitlech kloer gemaach dass hien eis Police net mat sou enger alternativer Dissuasiounsmethod wëll equipéieren oder Tester maachen. Mir bedauern dësen Refus vum Minister.

Eis Fraktioun huet am Kader vun der Sécherheet awer och nach aaner Méiglechkeeten ugeschwaat, wéi zum Beispill en informatéschen Fréiwarnsystem (PRECOBS) géint Abréch, wéi se notamment an schwäizer Stied agesaat ginn. Och do haat ech dem Minister séier oofgeblockt mat,

fir eis, net ganz iwwerzeegenden Argumenter. D'CSV kritt awer dann gesoot, si giff keng Virschléi maachen...

En aaneren Punkt, deem ech och schon méi dacks ugeschwaat hunn, ass de Phenomen vun den Incivilitéiten, déi sougenannten Klengkriminalitéit, déi den Leit vill Suergen bereed an wouraus och d'Gefill entsteet, d'Police hätt net méi genuch Moyen'en.

Mir begréissen selbstverständlech de Fait, dass des Regierung vill nei Polizisten wëll astellen. Mir begréissen och an dësem Kontext d'Initiativ vum Här Innenminister Kersch, deem virun engem Joer en neien Projet de loi iwwer d'Sanctions administratives deponéiert huet. Doroppshinn sinn eng ganz Rëtsch vu kriteschen Avis'en komm, waat bei sou engem Sujet och net ganz iwwerraschend ass. Fait ass awer, dass zënter Enn vum leschten Joer an dësem Dossier näischt méi geschitt ass. Wéi geet daat dann lo weider? Kënnt nach eng Suite Här Innenminister? Mir sinn op jiddefall nach wie vor bereed do aktiv an konstruktiv matzeschaffen.

**Och d'Videosurveillance op bestëmmten ëffentleche
Plaazen ass een efficace Moyen.**

Här Präsident,

**D'Leit sollen net nëmmen Vertrauen an d'Forces de
l'ordre hunn, mee och an d'Justiz. Och d'Justiz braucht
néideg Moyen'en fir dëst ze garantéieren.**

**D'Debatte vun „Hate-Speechen“ iwer Facebook ass net
nei. Fir eis ass dat en absoluten „No-Go“, „Hate-
Speechen“ iwer Facebook oder soss e Medium ze
verbreeden. Dëst huet näischt mat fräier Aussprooch ze
din. Mir als CSV fuerderen, datt sou Delikter konsequent
poursuivéiert gin. En „Hate-Speech“ ass kee
Kavaléiersdelikt. A wann mer dann Preuven mussen vun
deenen Konzerner an aneren Jurdictiounen kréien, dann
muss den Dialog mat deene Staaten opgeholl gin, fir datt
mer déi Preuven och do kënnen nofroen. Et kann net sin,
datt sou Preuven refuséiert gin. Nach eng Kéier: „Hate-
Speech“ fällt net ënner d'fräi Meenung!**

Här Präsident, d'CSV huest also kloer Iddien, ass dialogbereet an gëtt an vill Sujets vun der DP ënnerstëtzt. Schued, datt keen Dialog mat der Regierung méiglech ass.

Wilhelm von Humboldt:

„Ohne Sicherheit vermag der Mensch weder seine Kräfte auszubilden noch die Frucht derselben zu genießen, denn ohne Sicherheit ist keine Freiheit.“

Let's make it happen!

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.